

DE BUET

RÉCKBLÉCK
MEE-JULI
2025



GEMENG 
KÄERCH

TELEFONSBUCH VUN DER GEMENG

Administration communale de Koerich

2, rue du Château L-8385 Koerich

☎ 288 355 200 / info@koerich.lu / www.koerich.lu

COLLÈGE ÉCHEVINAL

college-echevinal@koerich.lu

WIRTH Daniel, Bourgmestre
☎ 288 355 224 / 621 242 580

WELU Norbert, Échevin
☎ 621 276 333

ANDRICH Mary-Jo, Échevine
☎ 621 191 212

SECRÉTARIAT COMMUNAL

secretariat@koerich.lu

LECOQ Patrick
Secrétaire communal
☎ 288 355 231
patrick.lecoq@koerich.lu

EPSTEIN Tim
☎ 288 355 223
tim.epstein@koerich.lu

REINERTZ Nathalie
☎ 288 355 245
nathalie.reinertz@koerich.lu

RESSOURCES HUMAINES

AUMASSON Fabienne
☎ 288 355 236
fabienne.aumasson@koerich.lu

RECETTE COMMUNALE

recette@koerich.lu

SCHLUNGS Anne-Marie
Receveur communal
☎ 288 355 222
anne-marie.schlungs@koerich.lu

TREINEN Alfred
☎ 288 355 235
alfred.treinen@koerich.lu

BUREAU DE LA POPULATION ÉTAT CIVIL, SERVICE SCOLAIRE

population@koerich.lu

CLOOS Monique
☎ 288 355 227
monique.cloos@koerich.lu

MAAR Mireille
☎ 288 355 228
mireille.maar@koerich.lu

ACCUEIL

TANG Céline
☎ 288 355 243
celine.tang@koerich.lu

MANGEN Pascale
☎ 288 355 229
pascale.mangen@koerich.lu

RELATIONS PUBLIQUES

communication@koerich.lu

TARANTINI Cindy
☎ 288 355 221
cindy.tarantini@koerich.lu

FREYMANN Chris
☎ 288 355 237
chris.freymann@koerich.lu

SERVICE TECHNIQUE

technique@koerich.lu

RODESCH Steve
Chef service
☎ 288 355 220
steve.rodesh@koerich.lu

LEICK Alexandra
☎ 288 355 238
alexandra.leick@koerich.lu

ATELIER TECHNIQUE

atelier@koerich.lu
Rue de la Montagne, Koerich

LEICHTENBERG Jerry
Chef d'équipe
☎ 691 399 202

SERVICE DE MÉDIATION

☎ 621 426 905
mediation@koerich.lu

MAISON DES JEUNES

☎ 26 108 309
7, Rue de l'École L-8358 Goeblange

GARDE - FORESTIER

LOUIS Ben
☎ 247 56 540 / 621 202 140
ben.louis@anf.etat.lu

ECOLE CENTRALE

SCHETTINI Damiano
Concierger
☎ 288 355 300
damiano.schettini@koerich.lu
1, Neie Wee L-8385 Koerich

MAISON RELAIS

RECHT Philippe
Responsable
philippe.recht@croix-rouge.lu
☎ 288 355 348
relais.koerich@croix-rouge.lu
1, Neie Wee L-8385 Koerich

AGENTS MUNICIPAUX

ordrepUBLIC@koerich.lu

Heures d'ouverture de l'administration

Lundi, mardi, jeudi et vendredi
de 8h30 à 12h00
et de 13h00 à 16h00

Mercredi
de 8h30 à 12h00
et de 13h00 à 19h00

Nous vous invitons à prendre
rendez-vous en contactant
directement le service concerné.

Interventions d'urgence

en dehors des heures d'ouverture

SERVICE DE RÉGIE:

☎ 691 399 202

Comptes bancaires:

CCPL: LU71 1111 0077 1350 0000

BCEE: LU33 0019 2601 0319 3000

CCRA: LU02 0090 0000 0203 1631

BILL: LU43 0026 1021 5620 0000

BGLL: LU18 0030 4447 5746 0000

SOMMAIRE

EDITO	02
FÄERDEG PROJETEN	04
LAFEND PROJETEN	08
AVIS À LA POPULATION	10
RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN	
Konferenz Gilbert Pregno	11
Nuetsmaat	12
Großherzoglicher Besuch	14
Nuit du sport	16
Thé dansant	18
Virowend Nationalfeierdag	20
Internt Grillfest	22
Käerch rockt	24
Informatiounsversammlung zu Käerch	26
D'Käercher Gréiweschlass	28
KÄERCHER VERÄINER	
Quo Vadis	35
Käercher Musek	36
KOMMISSIOUNE STELLEN SECH VIR	
Ëmweltkommissioun	42
Sport- a Fräizäitkommissioun	44
500 JOER CORYCIANA	46
JUGENDHAUS	48

EDITO

LÉIF MATBIERGERINNEN
A MATBIERGER

LU

Mat dëser Editioun vum Buet werfe mir e Bléck zeréck op déi wichtegst Entwécklungen an eiser Gemeng an op déi Projeten, déi eis an nächster Zäit beschäftegen.

Besonnesch wichteg war dëst Joer d'Informatiounsversammlung vum 2. Juli am Festsall zu Käerch. Dës Versammlung huet eise Bierger d'Méiglechkeet ginn, sech aus éischter Hand iwwert déi grouss aktuell Projeten ze informéieren: d'Neigestaltung vum Duerfzentrum, den Ëmbau vum Festsall zu Gëtzen, de geplangten Neibau vun der Maison Relais a vun der Schoul zu Käerch, souwéi d'Schafung vun engem Tourist Office.

Et war wichteg, d'Pläng net just virzestellen, mee och nozelauscheren. Deen direkte Feedback vun de Bierger hëlleft eis dobäi, d'Saachen aus verschiddenen Usiichten ze gesinn.

Een zousätzleche Sujet ass d'Kierch zu Gëtzen, déi méttlerweil desakraliséiert gouf. Dëst soll e Biergerbedeelegungsprojekt ginn, fir zesumme mat de Bierger Iddien ze sammelen an eng nei, sënnvoll Notzung fir dës Site ze definéieren.

E weidert Highlight war de Festival Beautiful Decay, deen d'Käercher Schlossfrënn zanter 2022 organiséieren. Am historiesche Kader vum Gréiweschlass vereent de Festival - Musek, Konscht an Iessen a bitt e Programm fir Grouss a Kleng.

Ech wëll all deene Merci soen, déi sech reegelméisseg fir d'Gemeng asetzen, sech informéieren, mat upaken oder einfach Interessi fir eis Gemeng weisen.

DANIEL WIRTH
Buergermeeschter

CHERS CONCITOYENNES
ET CONCITOYENS

FR

À travers cette édition du Buet, nous vous proposons un retour sur les moments forts de ces derniers mois dans notre commune, ainsi qu'un aperçu des projets qui nous occuperont prochainement.

L'un des temps forts de cette année fut la réunion d'information du 2 juillet dans la salle des fêtes de Koerich. Elle a permis aux citoyennes et citoyens de s'informer directement sur les grands projets en cours : la réorganisation du centre du village, la transformation de la salle des fêtes de Goetzingen, la future construction de la Maison Relais et de l'école à Koerich, ainsi que la création d'un office du tourisme.

Il nous paraissait essentiel non seulement de présenter les plans, mais aussi d'écouter. Les retours directs des citoyens nous permettent de mieux comprendre les différents points de vue et d'adapter nos démarches en conséquence.

Un autre sujet important concerne l'église de Goetzingen, désormais désacralisée. Ce site fera l'objet d'un projet participatif citoyen, avec l'objectif de réfléchir ensemble à une nouvelle utilisation pertinente et durable.

Enfin, nous tenons également à souligner le succès du festival Beautiful Decay, organisé depuis 2022 par les Käercher Schlossfrënn. Dans le cadre historique du château de Koerich, cet événement réunit musique, art et gastronomie, et propose un programme pour petits et grands.

Je remercie sincèrement toutes celles et ceux qui, au quotidien, s'engagent pour notre commune, s'informent, participent ou simplement montrent leur attachement à Koerich.

DANIEL WIRTH
Bourgmestre

 EDITO

DEAR FELLOW CITIZENS

 EN

With this new edition of the Buet, we'd like to take a look back at the key developments in our municipality and give you a glimpse of the projects that will shape the coming months.

One of the highlights this year was the public information meeting held on July 2nd in the Koerich community hall. This meeting gave our citizens the opportunity to get first-hand updates on major ongoing projects: the redesign of the village centre, the renovation of the Goetzingen community hall, the planned construction of a new Maison Relais and school in Koerich, as well as the creation of a tourist office.

More than just presenting the plans, it was essential to listen. Direct feedback from our citizens helps us see things from different perspectives and adapt our approach accordingly.

Another topic of importance is the Goetzingen church, which has now been deconsecrated. This space will become the focus of a participatory citizen project, where we will gather ideas together to define a new, meaningful use for the site.

We'd also like to highlight the Beautiful Decay festival, organised since 2022 by the Käercher Schlossfrënn. Set in the historic Koerich Castle, the festival brings together music, art, and food, offering something for both young and old.

I want to sincerely thank all those who actively contribute to our municipality, stay informed, lend a hand, or simply show their interest in the life of our community.

DANIEL WIRTH
Mayor



 LU

DE BUERGERMEESCHTER HUET EN OUER FIR IECH!

all 2. Samschdeg moies
vun 9.30 bis 11.30 Auer
ausser während de Schoulvakenzen

27.09.2025
11. & 25.10.2025

D'Sitzunge vum Schäfferot sinn ëmmer
Méindes ab 08:30 Auer.
citoyen@koerich.lu

 FR

LE BOURGMESTRE À VOTRE ÉCOUTE!

un samedi matin sur deux
de 9h30 à 11h30
sauf pendant les vacances scolaires

27.09.2025
11. & 25.10.2025

Les séances du collège échevinal
ont lieu tous les lundis à 8h30.
citoyen@koerich.lu

 EN

THE MAYOR AT YOUR SERVICE!

every other Saturday morning
from 9:30 a.m. to 11:30 a.m.
except during school holidays

27.09.2025
11. & 25.10.2025

The sessions of the college of aldermen take
place every Monday at 8:30 a.m.
citoyen@koerich.lu



FÄERDEG PROJETEN

PERIOD Mee - Julil

VELO WÄSCHSTATION ZU KÄERCH

LU

Zu Käerch steet de Vëlosfuerer ab elo eng modern Vëlo-Wäschstation zur Verfügung. Mat dësem neie Service wëll d'Gemeng d'Benotzung vum Vëlo nach méi attraktiv maachen an d'nohaltg Mobilitéit ënnerstëtzen. Vill Spaass beim propper fueren!

FR

Une station de lavage pour vélos a été installée à Koerich. Ce nouveau service vise à encourager l'utilisation du vélo et à promouvoir une mobilité durable. Bon nettoyage et bonnes balades à tous les cyclistes !

EN

A bike wash station has been installed in Koerich. With this new service, the municipality aims to promote cycling and support sustainable mobility. Enjoy your rides – and keep it clean!

 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Käerch

FÄERDEG PROJETEN

PERIOD Mee - Juli

MUPPEWISS ZU KÄERCH

LU

Zu Käerch kënnen Muppen ab elo op enger neier Muppewiss fräilafend spillen an sech austoben. Dëst frëndlecht Areal bitt de Béischten vill Fräiraum a gëllt als weidere Schrëtt fir eng muppefrëndlech Gemeng.

FR

Les chiens disposent désormais d'un nouvel espace à Koerich. Cet endroit adapté leur permet de courir, jouer et se dépenser en toute tranquillité. Une belle initiative pour une commune amie des animaux !

EN

Koerich now offers a new open space where dogs can run, play, and enjoy some freedom. This friendly area is another step towards making the municipality more pet-friendly. Have fun with your furry friends!



Wou zu Käerch?

Scan mech



Service relations publiques



Service relations publiques



Käerch



FÄERDEG PROJETEN

PERIOD Mee - Juli

NEIE PARK ZU KÄERCH

LU

Um Ufank vum Kiirchepad steet elo en nei ugeluechte Park – mat enger Spillplaz a Sonnebänken. Eng flott Plaz fir grouss a kleng!

FR

Un nouveau parc a été aménagé au début du Kiirchepad – avec une aire de jeux et des bancs solaires. Un bel endroit pour petits et grands !

EN

A new park has been created at the start of the Kiirchepad – featuring a playground and sun benches. A great spot for all ages!

 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Käerch

LAFEND PROJETEN

PERIOD Mee - Juli

AARBECHTEN AN DER MONTÉE ST HUBERT

LU

D'Firma Dellizotti wäert nach virun dem Kollektivcongé all d'Gruewungen zoumaachen an eng Schicht Schlaken op der befuerbarer Strooss verleeën, fir d'Zirkulatioun am Chantiersberäich z'erméiglechen.

FR

Avant les congés collectifs, l'entreprise Dellizotti refermera toutes les fouilles et mettra en place une couche de concassé sur la partie carrossable afin de permettre la circulation dans la zone des travaux.

EN

Before the collective holidays, the company Dellizotti will close all excavations and lay a crushed stone layer on the driveable section to allow traffic in the construction area.



 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Käerch



LAFEND PROJETEN

PERIOD Mee - Juli

AARBECHTEN AM AALE GEMENGENHAUS

LU

D'Aarbechten am neie Sëtzungssall ginn no Plang virun. De Sall soll Enn 2025 fäerdeg ginn an den aktuellen Infrastrukturen eng modern Ergänzung bidden.

FR

Les travaux dans la nouvelle salle de réunion avancent comme prévu. La fin des travaux est prévue pour fin 2025 et viendra compléter les infrastructures existantes par un espace moderne

EN

Works on the new meeting room are progressing as planned. Completion is scheduled for the end of 2025, adding a modern space to the existing infrastructure.

 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Käerch

LAFEND PROJETEN

PERIOD Mee - Juli

AARBECHTEN UN DER AL POST ZU KÄERCH

LU

Ufank 2026 ginn d'Aarbechten um Point touristique viraus-
sichtlech ofgeschloss. De Gîte touristique soll laut aktuellem
Plang schonn Ufank September 2025 seng Dieren opmaachen.

FR

En ce qui concerne l'Ancienne Poste, les travaux du point
touristique devraient être terminés début 2026. Selon le
planning actuel, le gîte touristique ouvrira ses portes début
septembre 2025.

EN

Regarding the Old Post Office, works on the tourist point are
expected to be completed by early 2026. According to the
current schedule, the tourist lodging should open its doors in
early September 2025.



 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Käerch

AVIS

PERIOD Mee - Juli

CERTIFICAT D'EXCELLENCE

LU

Mir sinn houvreg matzedeelen, datt eis Gemeng en «Certificat d'Excellence» (Drepsi) fir d'Waasserinfrastruktur krut.

E grouse Merci un de Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité fir d'Unerkennung vun eiser Aarbecht an eisem Engagement fir d'Waasserqualitéit.

Och ee grouse Merci un eis Aarbechter. Mir verpflichten eis weiderhin, déi héchst Standarden z'erhalen

FR

Nous sommes ravis d'annoncer que notre commune a reçu un «Certificat d'Excellence» (Drepsi) pour l'infrastructure de l'eau.

Un grand merci au Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité pour la reconnaissance de notre travail et notre engagement envers la qualité de l'eau.

Un grand merci également à nos ouvriers. Nous nous engageons à maintenir les plus hauts standards.

EN

We are proud to announce that our municipality has received a «Certificate of Excellence» (Drepsi) for our water infrastructure.

A big thank you to the Ministry of the Environment, Climate, and Biodiversity for recognizing our work and our commitment to water quality.

Also, a big thank you to our workers. We remain dedicated to maintaining the highest standards





RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Mee-Juli

07.05

KONFERENZ GILBERT PREGNO

LU

Am Kader vun enger Konferenz organiséiert vun der Jugendkommissioun an der Gemeng Käerch, haten d'Participanten d'Méiglechkeet, de Gilbert Pregno – Psycholog, Psychotherapeut a fréieren Direkter vun der Stéftung Kannerschlass – ze héieren.

Mat sengem Virtrag „Wéi Kanner hir Elteren erzéien“ huet hie wichteg Aspekter vun der Familljendynamik beliicht an erkläert, wéi Kanner net nëmmen erzunn, mee gläichzäiteg och en Afloss op d'Eltereroll huelen.

FR

Dans le cadre d'une conférence organisée par la Commission de la Jeunesse et la Commune de Koerich, les participants ont eu l'opportunité d'écouter Gilbert Pregno – psychologue, psychothérapeute et ancien directeur de la Fondation Kannerschlass.

Sous le titre « Comment les enfants éduquent leurs parents », il a mis en lumière les différentes phases du cycle familial, et la manière dont les enfants influencent eux aussi le rôle parental.

EN

As part of a conference organised by the Youth Commission and the Municipality of Koerich, attendees had the opportunity to listen to Gilbert Pregno – psychologist, psychotherapist and former director of the Kannerschlass Foundation.

His talk, entitled “How Children Educate Their Parents”, explored the different phases of the family cycle and the mutual influence between children and parents.

ORGANISATIOUN

Jugendkommissioun

 Jugendkommissioun

 Service relations publiques

 Käerch

RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Mee - Juli

16.05

NUETSMAART ZU KÄERCH

LU

De Freideg, 16. Mee 2025, gouf et zu Käerch déi éischt Editioun vum Nuetsmaart! D'Kommissioun vum drëten Alter, zesumme mat der Jugend- an der Kommissioun vum Zesummeliewen, hunn eng stëmmungsvoll Nuecht organiséiert – mat ronn 25 Stänn, flotter Musek vun de Jummdeckelcher an der NOBBIE DIXIE Band. Fir déi Kleng gouf et Sprangschlässer, Facepainting an eng Tombola mat flotte Präisser.

FR

Le vendredi 16 mai 2025, Koerich a célébré la toute première édition de son marché de nuit ! Organisé par la Commission du troisième âge, avec le soutien des Commissions de la jeunesse et du vivre ensemble, l'événement a rassemblé environ 25 stands dans une ambiance conviviale, rythmée par les Jummdeckelcher et la NOBBIE DIXIE Band. Les enfants ont profité des châteaux gonflables, du maquillage et d'une tombola pleine de surprises.

EN

On Friday, May 16th, 2025, Koerich hosted the very first edition of its Night Market! Organised by the Senior Citizens Commission with support from the Youth and Living Together Commissions, the event featured around 25 stands and a lively atmosphere with music by the Jummdeckelcher and the NOBBIE DIXIE Band. Children enjoyed bouncy castles, face painting, and a tombola with great prizes.

ORGANISATIOUN

Kommissioun vum drëten Alter ënnerstëtzt vun der Jugendkommissioun & der Kommissioun vum Zesummeliewen.

 Relations publiques

 Relations publiques

 Gemengeplaz





RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Mee - Juli

12.06

GROSSHERZOGLICHER BESUCH

im „Ausgriewermusée“ in Nospelt
und im gallorömischen Gutshof in
Goeblingen-Miecher.

DE

Zum sechzigsten Jahrestag der Ausgrabungen in Goeblingen hatte die „D'Georges Kayser Altertumsfuerscher“ (GKA) Vereinigung den Großherzog zur Besichtigung ihres Museums sowie der Ausgrabungsstätte eingeladen. 1964 begann Pfarrer Georges Kayser aus Nospelt mit der systematischen Erforschung des gallorömischen Gutshofes. Seit 1991 führt der Nachfolgeverein GKA das begonnene Werk mit ministerieller Genehmigung fort. Bedeutende Entdeckungen haben die ehrenamtlichen Ausgräber seither gemacht. Während der gallorömischen Periode gehörte die villa von Goeblingen-Miecher zu den größeren landwirtschaftlichen Gutshöfen im heutigen Luxemburg. Zur Blütezeit im 3. und 4. Jahrhundert zählte die längsaxialen Domäne mindestens 14 Gebäude.

Am vergangenen 12. Juni hat der Großherzog der Einladung Folge geleistet und hat die geschichtsträchtigen Orte besucht. Bereits 1967, also vor 58 Jahren, war er als junger Prinz mit seinen Geschwistern zu Gast bei Pfarrer Kayser. Am vergangenen Donnerstag hat Felix Eischen, Bürgermeister von Kehlen, den Großherzog im „Ausgriewermusée“ herzlich willkommen geheißen. Unter den geladenen Gästen waren David Weis, Direktor des INRA als Vertreter des Kulturministers, Bürgermeister und Schöffe aus Koerich, Vertreter des INRA und der Forstverwaltung, sowie Vorstands und aktive Mitglieder des Vereins.

Der Vereinspräsident führte den Großherzog und die geladenen Gäste durchs Museum, das ebenfalls als Vereinslokal und Atelier dient. Hier konnten die Anwesenden so manch Neues aus den Aktivitäten des Vereins erfahren. Anschließend ging die Fahrt zur gallorömischen villa von Goeblingen. Hier wurden die Gäste von Daniel Wirth, Bürgermeister von Koerich, begrüßt. Während der Besichtigung war der Großherzog ein begeisterter und wissbegieriger Zuhörer und hat großes Interesse an der Entwicklung der Grabungsaktivitäten des Vereins gezeigt. Beim abschließenden Ehrenwein, von der Gemeinde Koerich angeboten, wurde noch in gemütlicher Atmosphäre über laufende und zukünftige Vorhaben diskutiert.







RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Mee - Juli

14.06

NUIT DU SPORT ZU KÄERCH

LU

D'Nuit du Sport huet vill Leit op Käerch gezunn: Iwwer 360 Participanten hunn un dësem sportlechen Owend deelgeholl. E grouse Merci geet un d'Sportskommissioun an un all Veräin, deen zum Gelänge vun dësem flotten Event bäigedroen huet.

FR

Plus de 360 personnes ont participé à la Nuit du Sport à Koerich. Merci à la Commission des Sports ainsi qu'à tous les clubs qui ont contribué avec engagement à la réussite de cette belle soirée sportive.

EN

More than 360 people took part in the Nuit du Sport in Koerich. A big thank you to the Sports Commission and all the clubs who helped make this great sports evening a success.



ORGANISATIOUN

Sport- a Fräizäitkommissioun



Service relations publiques



Service relations publiques



Käerch



RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Mee - Juli

15.06 THÉ DANSANT ZU KÄERCH

LU

Am Kader vun engem gemittlechen a musikaleschen Nomëtteg, organiséiert zesumme mat der Kommissioun vum drëtten Alter, hunn de Rol Girres a Lisa Mariotto fir eng flott Ambiance am Festsall zu Käerch gesuergt.

FR

Dans une ambiance conviviale et musicale, Rol Girres et Lisa Mariotto ont animé l'après-midi dansant organisé en collaboration avec la Commission du troisième âge. Une belle initiative qui a réuni les participants dans la bonne humeur à la salle des fêtes de Koerich.

EN

In a warm and musical atmosphere, Rol Girres and Lisa Mariotto brought the festive spirit to the community hall in Koerich. Organised together with the Senior Commission, this lovely event offered joyful moments and great company.

ORGANISATIOUN

Kommissioun vum drëtten Alter



Kommissioun vum drëtten Alter



Service relations publiques



Käerch



RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Mee - Juli

22.06

VIROWEND NATIONALFEIERDAG

LU

Zu Käerch gouf de Virowend vum Nationalfeierdag am Gréiweschlass gefeiert. No engem Cortège an dem Te Deum an der Kierch huet de Buergermeeschter d'Éffentlechkeet am Schlass empfaangen. Musek, Animatioun an e gudde Catering hu fir eng gemittlech Ambiance gesuergt.

FR

La veille de la Fête Nationale a été célébrée au château de Koerich. Après le cortège et le Te Deum à l'église, le Bourgmestre a accueilli le public au château pour une fête conviviale, animée par de la musique, des activités et une restauration soignée.

EN

Koerich celebrated National Day's Eve in a festive atmosphere at the castle. After the traditional procession and Te Deum at the church, the mayor welcomed the public to an evening of music, entertainment, and refreshments in a warm and joyful setting.



ORGANISATIOUN

Gemeng Käerch



Service relations publiques



Service relations publiques



Käercher Gréiweschlass







RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Mee - Juli

27.06 INTERNT GRILLFEST

LU

Als klengt Merci u jiddereen, deen sech fir Télévie engagéiert huet, huet d'Gemeng e gemittlecht internt Grillfest organiséiert. Besonnesch Merci geet un d'Entreprise Kirsch, déi sech ëm d'Organisatioun vum Material, Iessen a Gedrénks gekëmmert huet – eng schéi Geleeënheet fir zesummen ze feieren a Merci ze soen.

FR

En guise de remerciement pour leur engagement dans le cadre de Télévie, la Commune a invité ses bénévoles à un barbecue interne. Un grand merci à l'entreprise Kirsch pour la mise à disposition du matériel ainsi que pour l'organisation des repas et des boissons. Un beau moment de convivialité et de reconnaissance.

EN

As a token of appreciation for everyone involved in Télévie, the municipality hosted an internal barbecue. Special thanks go to the company Kirsch for taking care of all the logistics – from equipment to food and drinks. A great moment of togetherness and gratitude.

ORGANISATIOUN

Gemeng Käerch

 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Käerch



RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Mee - Juli

28.06 KÄERCH ROCKT

LU

E grouse Merci un d'Bands Essancy, The Cookies, The Gazman an d'Mental Coverband fir hir dynamesch Optrëtter. Merci och un de Veräin Nico's Traktertreff fir d'professionellt Bedreiwe vun der Bar, un de Ponderosa fir de leckere Grill an un all déi, déi matgewierkt hunn – inklusiv dem Gemengepersonal, ouni dat dëst Event net méiglech gewiescht wier. Mir freeën eis schonn op déi nächst Editioun!

FR

Un grand merci aux groupes Essancy, The Cookies, The Gazman et Mental Coverband pour leurs performances pleines d'énergie. Nos remerciements s'adressent également au club Nico's Traktertreff pour le service au bar, au Ponderosa pour le barbecue savoureux, ainsi qu'à toutes les personnes ayant contribué à cette soirée – y compris le personnel communal, dont l'implication a été essentielle. Rendez-vous à la prochaine édition !.

EN

A heartfelt thank you to the bands Essancy, The Cookies, The Gazman, and Mental Coverband for their energetic performances. Appreciation also goes to the Nico's Traktertreff for managing the bar, Ponderosa for the tasty BBQ, and to everyone involved – especially the municipal staff, whose dedication made the evening a success. We're already looking forward to the next edition!

ORGANISATIOUN

Gemeng Käerch



Service relations publiques



Service relations publiques



Käerch



RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Mee - Juli

02.07

INFORMATIOUNS VERSAMMLUNG ZU KÄERCH

LU

Am Festsall zu Käerch huet de Schäfferot déi aktuell an zukünfteg Projekte virgestallt. Nieft dem Neibau vun der Schoul a Maison-Relais goufen och den Amenagement am Duerfzentrum, en Tourist Office, e Kulturzentrum a Méi thematiséiert. D'Versammlung gouf mat engem Patt a Snack vum Traiteur De Schnékert ofgeronnt.

FR

Le Collège échevinal a présenté les projets en cours et à venir dans la salle des fêtes de Koerich, dont la nouvelle école, la Maison Relais, le centre culturel, le réaménagement du centre du village et plus. La réunion s'est clôturée autour d'un verre de l'amitié et d'un encas offert par le traiteur De Schnékert.

EN

The municipal council presented current and future projects in the Koerich event hall, including the new school, Maison Relais, cultural center, village center redevelopment and more. The evening ended with drinks and snacks offered by De Schnékert Traiteur.

ORGANISATIOUN

Gemeng Käerch



Relations publiques



Relations publiques



Käerch



02.07

BIERGER INFORMATIONNS VERSAMMLUNG

AKTUELL PROJETEN

- *Maison Relais Schoul Précoc*
- *Vergréisserung Parking bei der Kierch zu Käerch*
- *Stockage zu Käerch*
- *Festsall zu Gëtzen*
- *Touriste Office zu Käerch*
- *LIDL Bus Arrêt*
- *Wandhafferstrooss zu Gëtzen*



ZUKÜNFTEG PROJETEN

- *Kierch zu Gëtzen*
- *Duerfzentrum*
- *Kulturzentrum*



D'KÄERCHER GRÉIWESCHLASS



PERIOD Mee - Juli

05.06

LIONS CLUB MAMERANUS

Concert vun der **BRASS BAND** aus dem **CONSERVATOIRE** vun der **STAD LËTZEBUERG** ënner der Leedung vum **Philippe Schwartz**

Am Kader vum 35e Anniversaire vum **Lions Club Mameranus** gouf e **Benefiz-Concert** organiséiert zu Gonschte vum **ALAN** **Maladies Rares** **Luxembourg**.

ALAN betreit **Leit a Familljen**, déi vun enger seelener Krankheet betraff sinn. Als seele gëtt eng Krankheet agestuift, wa manner wéi 1 op 2.000 betraff ass.

Eng Manifestatioun vum **Lions Club Mameranus** mat der **Ënnerstëtzung** vun de **Käercher Schlossfrënn**.



13. & 14.06

MUCH ADO ABOUT NOTHING

vun **William Shakespeare** presentéiert vun **TNT Theatre Britain**

Op hirer **Castle Tour 2025** a 57 Schlösser aus 12 Länner wor och dës **Joer d'Käercher Gréiweschlass** nees derbäi. Déi 2 **Virstellunge** wore bis op déi leschte Plaz besat mat iwwer 350 **Spectateuren**. D'**Kënschtler** goufen no all **Virstellung** mat **Standing Ovation** fir hir **formidabel Prestatioun** belount.

... an d'**Erliefnes** kritt eng **Suite** ... och 2026, den 12. an 13. Juni 2026 ass **TNT Theatre Britain** erëm zu **Käerch** am **Gréiweschlass** mam **bekanntste Stéck** vum **William Shakespeare**, dem **Macbeth**.

Eng Manifestatioun vun **ADG Europe** mat der **Ënnerstëtzung** vum **Kulturministère**, der **Käercher Gemeng** an de **Käercher Schlossfrënn**.



Käercher Schlossfrënn asbl, Lions Club



Käercher Schlossfrënn asbl



Käercher Gréiweschlass





13.06

BEAUTIFUL DECAY 2025 ON TOUR

*Am bekannte Geschäft Olliewood an der Stad
goufet eng kleng Warm-up Party fir sech
op de Festival anzestëmmen.*

*Beautiful Decay, eng Manifestatioun vun
de Käercher Schlossfrënn an Zesummenaarbecht mat Smith
Lounge, Kulturministère an der Gemeng Käerch.*

~~~~~

Käercher Schlossfrënn asbl 

Käercher Schlossfrënn asbl 

Olliewood an der Stad 

~~~~~



29.06

LES CONCERTS DE KOERICH

*D'Museker vum «Luxembourg Philharmonic», Markus Brönnimann,
Philippe Gonzalez, Filippo Biuso, Leo Halsdorf, Ryou Banno, Katrin
Reutlinger a Benoît Legot hu Wierker vum Zemlinsky, Haas a Brahms
gespilt. Et war e schéinen an usprochsvolle Concert, och wann sech bei
den héijen Temperaturen nëmme
wéineg Leit ofonnt hunn.*

~~~~~

Käercher Schlossfrënn asbl 

Käercher Schlossfrënn asbl 

Käercher Gréiweschlass 

~~~~~





15.06

AMPELOS

Benefiz-Concert vun AMPELOS Lëtzebuerg a.s.b.l.

Bei guddem Wieder huet AMPELOS op e Benefiz-Concert invitéiert, mam Harmonie-Orchester vum Conservatoire aus der Stad Lëtzebuerg ënner der Leedung vum Jean Thill. Nom Concert konnten d'Visiteure bei engem gemittleche Patt an italieenesche Spezialitéiten den Dag ausklénge loosse.

Eng Manifestatioun vun AMPELOS a.s.b.l. mat der Ënnerstëtzung vun de Käercher Schlassfrënn.



Ampelos



Käercher Schlassfrënn asbl



Käercher Gréiweschlass



11.12. & 13.07

BEAUTIFUL DECAY FESTIVAL

Um Freiden, den 11. Juli, hate mir dëst Joer dräi Bünen (Castle Stage, Flavour Stage a Schlasskeller) mat 12 DJen, déi zum Deel parallel gespillt hunn.

Eisen Headliner war Space 92.

Nei war och eis Kollaboratioun mat Peak, wat vill Publikum, och aus der Groussregioun, op Käerch gezunn huet.

Samschdes war méi fir dat jonkt Publikum mat Zimmer 90, BBY, Kasi a ville lëtzebuergeschen Acts.

De Kids Festival ass dëst Joer an der ganzer Wiss op der Westsäit vum Gréiweschlass ofgelaf, mat 6 Atelieren (Graffiti, Podcast, Zirkus, Face Painting, Kannerdisco a Parcours), 2 Maskottercher (Lodyss-Waasser a Cactus-Yuppie) an enger Kids Bar mam Käercher Jugendhaus.

Am Craftwork Village ware 37 Stänn, wat d'nächst Joer e bësse limitéiert gëtt, fir méi Plaz bäi de Bünen ze hunn.

Als Ofschloss um Sonndeg, dem 13. Juli, ass de Patrice um Festival opgetruede mat engem grouse Concert vun annerhallef Stonn, bäi super Wieder.

De Camping war ausverkauft. E soll d'nächst Joer vergréissert ginn, op dem Terrain hannert dem Halleschhaus (Architekt Fabeck).

De BEAUTIFUL DECAY FESTIVAL 2025 war mat iwwert 3.000 Visiteuren en iwwerwältigende Succès. Mir gesinn eis den 10 – 12 Juli 2026 fir déi 5ten Editioun vum Beautiful Decay Festival. Pre-Early Bird Tickets (3 Deeg) fir 20€, fannt dir lo schonn op www.beautifuldecay.lu




Jeannot Weber & Jill Zago



Käercher Schlassfrënn asbl



Käercher Gréiweschlass





AARBECHTEN KAPELLTUERM

LU

Méintelaang war den imposante Kapelltuerm vum Gréiweschlass hannert enger Stee verstoppt. Am Optrag vum «Institut National pour le Patrimoine Architectural», huet d’Firma Bautenschutz Theisen GmbH d’Mauere vum Kappelltuerm sanéiert. D’Mauere goufe stabiliséiert an ofgedicht, fir ze verhënneren, datt Waasser vun uewen an d’Struktur andréngt. Bei där Geleeeënheet gouf och de Kamäin an d’Rei gesat. Hie krut eng stabiliséierend „Prothèse“ an e Schutzdeckel verpasst, fir en dauerhaft géint Wiederafloss ze schützen.

Enn Juni goufen d’Aarbechten ofgeschloss. De Kapelltuerm, e Symbol vu Käerch, ka vun elo un erëm a senger voller Pracht bewonnert ginn.

FR

Pendant des mois, l’imposante tour de la chapelle du Gréiweschlass fut cachée derrière un échafaudage. Sous la régie de l’Institut National pour le Patrimoine Architectural, la société Bautenschutz Theisen GmbH a rénové les murs de la tour de la chapelle. Les murs ont été stabilisés et scellés pour empêcher l’eau de pénétrer dans la structure. A cette occasion, la cheminée a également été mise en ordre. On l’a stabilisé avec une „prothèse“ et une couverture protectrice pour le protéger en permanence contre les intempéries.

Les travaux ont été achevés fin juin. La tour de la chapelle, symbole de Koerich, peut désormais être à nouveau admirée dans toute sa splendeur..

EN

For months, the imposing chapel tower of the Gréiweschlass was hidden behind a huge scaffolding. Commissioned by the «Institut National pour le Patrimoine Architectural», the company Bautenschutz Theisen GmbH renovated the chapel tower. The walls were stabilized and sealed off to prevent water from penetrating the structure. On that occasion, the chimney was also put in order. He was given a stabilizing „prosthesis“ and a cover to protect him permanently against weather influence.

The work was completed at the end of June. The chapel tower, a symbol of Koerich, can from now on be admired again in its full splendor.



Käercher Schlassfrënn asbl



Käercher Schlassfrënn asbl



Käercher Gréiweschlass

KÄERCHER VERÄINER



MIR SICHE PORZELÄINS «BOUNEN»

LU

Am Kader vum Opbau vun enger geplangter Sammlung iwwer Objeten aus der Gemeng Käerch siche mir e.a. Porzeläins «Bounen» déi ee virun ± 10 Joer am Dräikinneskuch fond huet.

Et waren dat 2 Serien iwwer eis Buerger a Schlässer. Ënner anere Schlässer war do natierlech och d'Käercher Schloss derbäi.

Ween nach esou eppes doheem am Tirang trëllen huet an nët wees wat 'e soll dermat maachen, deen dierf eis dat roueg zoukomme loosse. Mir si ganz dankbar dofir !

Do dernieft sammele mir och aner 3D-Objeten wéi Commémoratiounstelleren, Souveniren am Zesammenhang mat Käerch wéi Becheren, Tassen asw.

Och al Fotoen, Postkaarten, Dokumenter, Plakater, Diplomer gi gären entgéintgehall.

FR

Dans le cadre de la création d'une collection consacrée à des objets issus de la commune de Koerich, nous sommes notamment à la recherche de fèves en porcelaine qui se trouvaient dans la galette des rois il y a environ 10 ans.

Il s'agissait de deux séries représentant nos châteaux et forteresses, parmi lesquels figurait bien entendu aussi le château de Koerich.

Si vous en avez encore à la maison, rangées dans un tiroir, et que vous ne savez pas quoi en faire, n'hésitez pas à nous les faire parvenir. Nous vous en serons très reconnaissants !

Par ailleurs, nous collectons également d'autres objets en 3D tels que des assiettes commémoratives, des souvenirs en lien avec Koerich comme des gobelets, des tasses, etc.

Nous acceptons aussi volontiers d'anciennes photos, cartes postales, documents, affiches ou diplômes.

KONTAKT

691 421 328 (Präsident)

quo.vadis.kaerch@gmail.lu



KÄERCHER VERÄINER

D'KÄERCHER MUSEK,

*am Joer 1903 gegrënnt,
gehéiert zu deenen eelste
Veräiner vun eiser Gemeng.*



*Mir prouwen Donneschdes
zu Giewel an eise Proufsall
3, rue Pierre Braun*

*18h00 - 19h00 Jummdeckelcher
19h30 - 21h30 Käercher Musek*



LU

Ufangs hunn nëmme Jongen a Männer gespillt, wëll viru méi wéi 100 Joer ware keng Meedercher an enger Musek. Am Laf vun der Zäit sinn dunn och Meedercher an de Museksveräiner opgeholll ginn, allerdéngs just bis se bestuet goufen.

D'Musek gouf als Fanfare gegrënnt, d.h. et gouf just matt Blechblasinstrumenter souwéi Saxophoner gespillt. Deemools war dat esou, et war een entweder eng Fanfare oder eng Harmonie, wou och Holzbloasinstrumenter wéi Klarinett etc. gespillt goufen. Virun ettleche Joren huet d'Käercher Musek sech vu «Fanfare Käerch» op «Käercher Musek» ëmgenannt an et gëtt keng Beschränkung méi wat d'Instrumenter ubelaangt.

D'Ufankszäiten vun der Musek waren, aus haiteger Siicht gekuckt, zimmlech turbulent. D'Iddi fir eng Musek ze grënne war do, awer kee Proufsall a keng Suen a vu Solfège och keng Spuer.

Duerfir hunn déi eenzel Musikante pro Mount zesummegeuecht fir den Dirigent ze bezuelen, deen hinnen als éischt emol ë bëssi Solfège bäibruucht huet. Wëll se jo kee Sall haten,

waren d'Kueren an enger Wirtschaft. Fir dass iwwerhaupt konnten Instrumenter ugeschaaft ginn, hunn d'Duerfleit hinnen dat Joer d'Juegdgeld iwwerlooss. Déi éischt Prouwe waren dunn an enger Schräinerei. Uniformen hate se ganz laang och net, dat eenzeg wat se sech leeschte konnten, ware Kapen.

Lues a lues huet dat ganz sech entwéckelt, no engem Joer hate se souguer schonn ë Fändel, an ab 1905 gouf et déi éischt Sortien a Concerten. No a no koume weider Manifestatiounen a Fester dobäi. Grousser a klenger, munches innovativ, wéi

1919 dat éischt Waldfest am ganzen Ëmkrees oder ugangs der 1950er Joren d'Buergfest, dat wäit a breet bekannt war. Oder eise Fuesbal fir d'Altersklass iwwer 33. Verschidde Festivitéiten a Concerten och zesumme matt anere Veräiner. Souguer gouf am Musekssall ab Chrëschttag 1958 Kino gespillt a während 10 Joer gouf et bal all Woch eng Virstellung, bis ëmmer méi Leit ë Fernseh haten an et sech doduerch net méi rentéiert huet.

Am Laf vun de Joerzénge si Fester ewech gefall, duerfir sinn anerer dobäi komm. Esou wéi den Zäitgeescht an d'Gesellschaft



sech geännert huet, esou huet och eis Musek sech ugepasst, verschidden Traditionen opgin an Neies gewot.

An de Joren 1940-44 waren all musikalesch Aktivitéiten ausgesat, wëll et am Krich verbuede war Musek ze spillen. D'Instrumenter an de Fändel goufe vun eenzelne Musikante verstoppt. Direkt nom Krich hunn sech erëm Musikanten zesummefonnt, allerdéngs just 8 Mann, wëll d'Musek ë ganze Koup vun hire Memberen duerch de Krich verluer hat.

1933 huet d'Musek eng Bauplaz um Fockegaart kaaft an ëm d'Fuesent 1934 gouf de Grondsteen fir de Musekssall geluecht. Dat ass do wou haut de Festsall zu Kärch steet. De Sall gouf vun de Membere selwer gebaut an am Juni 1935 war d'Aweiung. 1972 gouf de Musekssall ëmgebaut an net méi just als Proufsall genotzt, mee och fir Festivitén a gouf och deenen anere Kärcher Veräiner fir hir Fester zur Verfügung gestallt. 1977 huet d'Musek hire Sall zu Kärch fir de symbolesche Frang un d'Gemeng verkaaft.

1954 huet d'Musek d'éischte Kéier un engem Concours deelgeholl an huet matt enger Mention «Excellent» ofgeschnidden.

Geleeëntlech huet d'Musek och Concerten am noen Ausland, Belsch, Däitschland, Holland a Frankräich gespillt, awer och gréisser Concertsreesen an Italien, z.B. fir den 100ten Anniversaire vun dem «Corpo Bandistico Vincenzo Bellini di Povolaro», a Südtirol an an den Dolomiten.

Als engagéierte Veräin huele mir regelméisseg um Duerfliegen deel, wéi z.B. National Feierdag, Commemorationsdag, Kommion, Niklosmaart.

Eng besonnesch lëtzebuergesch Tradition ass den Hämmelsmarsch, deen zanter 1921 Joer fir Joer (ausser an de Krichsjoren) gespillt gëtt. Dofir si mir am Oktober op Kiermesamschdeg de ganzen Dag an de Stroosse vu Kärch, Giewel a Wandhaff ënnerwee an am November/Dezember zu Gëtzen.

KÄERCHER VERÄINER

D'KÄERCHER MUSEK,

*am Joer 1903 gegrënnt,
gehéiert zu deenen eelste
Veräiner vun eiser Gemeng.*

Dir kënnt d'Käercher Musek och gär mat engem Don
ënnerstëtzen, andeem Dir e Virement op de Konto

IBAN LU75 0090 0000 0202 6631 (CCRA)
vun der Käercher Musek maacht.

Mir soen Iech elo scho villmools Merci!



All Joer am Abrëll presentéiere mir zu Käerch an der Sportshal, ënnert der Leedung vun eise Dirigent, dem Romain Ries, eise Gala Concert, op dee mir eis scho laang am Virus virbereeden, ënner anerem mat engem flotte Proudfdag. Dëst Joer waren eis Jummdeckelcher fir d'éischt mat dobäi. Am September 2024 hu sech eng Dose Kanner zesummefonnt, fir mam Martine Weinachter Stécker anzeprouwen, déi si um Nikloosmaart fir d'éischt gespillt hunn. Dat war och dee Moment, wou si offiziell hiren Numm kruten, deen op de Numm vun där Zäitschrëft zréckgeet, déi d'Musik laang Joren erausginn huet. Zënterhier hate si schonn e puer Optrëtter, déi si ganz souverän gemeeschtert hunn.

Zu Käerch organiséiere mir säit e puer Joer, quasi als Ersatz fir eist fréiert, legendäert Päischtfest, „Concerten am Schloss“, matt flotter Musek vun anere Museksveräiner. Natierlech mat guddem Iessen a Gedrécks, wéi dat sech fir en Duerffest gehéiert.

Mir waren dest Joer och um groussen Téléviedag vertrauten, wou mir e Scheck vun 3500 € iwwerrecht hunn.

A propos Jummdeckel, den éischte Jummdeckel ass am Mee 1997 erauskomm an no ë puer Editiounen erëm agestallt ginn. Am Abrëll 2004 ass de Jummdeckel dunn erëm an d'Liewe geruff ginn an ass bis Dezember 2018 regelméisseg 4 Mol d'Joer erauskomm.

Schonn 1907 huet d'Käercher Musek am Sall vun engem Café déi éischte Kéier Theater gespillt, an dat an där éischter Zäit dräimol d'Joer, fir Chrëschttag, d'Fuesent an Ouschteren. Dat ass bis an d'50er Joer bäibehale ginn, ausgangs der 50er Joeren waren esouguer, ënnert der Regie vum bekannte lëtzebuurger Auteur Alain Atten, verschidden histoersch Theateropféierungen am Schloss. Zanter 1981, also säit méi wéi 40 Joer, gehéiert den Theater erëm zum feste Programm vun eiser Musek. Ausser eise Komédistécker hate mer fir besonnesch Geleeënheeten ë puer extra Opféierungen, wéi «D'Meedche vu Gëtzen» zesumme mam Club des Jeunes vu Käerch fir d'250 Joer Feier vun der Käercher Kierch, d'Operetten «De Scholdschäin» vum Dicks oder «D'Joffer Marie-Madeleine» vum Beicht 1989 fir 150 Joer Onofhängegkeet - dat Stéck ass iwwregens och



FRANÇAIS



DEUTSCH



ENGLISH

Chrëschtadag 1917 gesspielt ginn. An 2007 konnt d'Käercher Musek an hier Theaterequie, am Kader vu «75 Joër Käercher Fussball», um Pir-Kremer-Owend zu Giewel «a Breiesch“ hirer Scheier deelhuele, zesumme mam Käercher Fussball a mam Käercher Gesank. Fir déi Geleeënheet gouf dem Pir Kremer säin onvergessleche Fussballmatch «FC Schinnegebeess géint Sportveräin Flappech» vu verschidde Fussballspiller aus der Härenequie an ehemolege Membere vum Käercher Fussball nogespillt a matt de Musikanten als Supporter, verfilmt. Den Theater ass also zu enger fester Traditioun ginn, bei der net nëmmen eis Acteure grouse Spaass hunn. Fir dëst Joer kënn Dir Iech folgend Datumer fir den Theater notéieren: 31. Oktober, 2. November, 7. an 8. November.

Originalzitat vum Pir Kremer aus der Broschür vum 50. Anniversaire vun der Musek:

«Wann een zréck kuckt op hiert laangt Veräinsliewen da kann ee roueg dat hei soen:

D'Käercher Musek war an ass e Stéck vum Duerf.

D'Käercher Musek war an ass nach ëmmer do fir d'Duerf.

D'Käercher Musek war an se ass nach ëmmer um Dill bei alle kierchlechen a weltleche Feierlechkeeten.

D'Käercher Musek war nach ëmmer an se ass och nach haut dat wat se soll sinn: Eng Duerfmusek, déi Gesellegkeet, Freed a Kultur an d'Duerf bréngt ... An dat hoffentlech nach laang.“



Käercher Musek



Käercher Musek

KOMMISSIONEN

D'SPORT- A FRÄIZÄITKOMMISSION *stellt sech vir*

Président: Greg Useldinger

Secrétaire: Jens Bodenröder

Memberen: Alliaume-Stoimenova Elizabeta,
Colavitti Cosimo, Fernandes Cavaco Vanessa,
Fischer Yves, Greiveldinger Claude,
Ruef Daniel, Weyland Yves



LU

D'Sport- a Fräizäitkommissioun huet et sech zur Aufgab gemaach, dës zwee Aspekter an eiser Gemeng ze fërderen. Mir sëtze reegelméisseg beienee fir gréisser, mee och klenger Projekten an dësem Sënn ze organiséieren. Eis Zilgrupp ass jiddereen, ob grouss oder kleng, sportlech oder net. Am Opdrag vun der Gemeng organiséiere mir all Joers d'Sportleréierung, sou wéi d'Nuit du Sport.

Op der Sportleréierung ginn all Joers Sportler aus eiser Gemeng ausgezeechent, déi während der aktueller Saison exceptionell Leeschtunge bruecht hunn, dëst entweder aleng oder an der Ekip. Hei ass all Alter vertrauden, scho bei deene ganz Jonken ugefaangen.

D'Nuit du Sport ass een nationaalt Event, dat elo rezent de 14. Juni a ville Gemengen uechtert

d'Land stattfonnt huet. Hei zu Käerch bitt sech zu dësem Zweck de Campus vun der Primärschoul mat senger Sportshal un, wou dëst Joer net manner wéi 14 verschidde Veräiner gratis Aktivitéiten ugebueden hunn. Fir gutt Stëmmung, sou wéi déi néideg Verpflegung war natierlech och gesuergt.

Nieft dëse reegelméisseg Veranstaltungen hu mir dëst Joer awer och nach aner Evenementer organiséiert.

Den 8. Februar hate mir am Festsall déi éischt Editioun vun eise Spillnomëtten an d'Liewe geruff, fir och eppes zum Volet „Fräizäit“ ze bidden. Iwwer 75 Leit, och vun ausserhalb, hate sech am Festsall zu Käerch afonnt, fir e gemittlechen Nomëtten iwwer Briet- a Kaartepiller ze verbréngen. Och hei ware mir

immens frou, dass d'Altersgrenze matenee verschmolt sinn, a bis zu 3 Generatiounen matenee gespillt hunn. De 4. Oktober wäert déi zweet Editioun vum Spillnomëtten am Festsall stattfannen, also save-the-date!

Den 22. Mäerz dëst Joer si mir souzesoen „op de Won mat opgesprongen“ an hunn eis mam Stamminee Ronnen Dësch zesumme gedoe fir ee Kannerlaf am Virfeld vun der éischter Käercher Nuetskavalkad ze organiséieren. Di gespaarten Hauptstrooss huet sech heivir ugebueden, an eng ronn 100 Kanner hunn deelgeholl.

Op dëser Plaz wëlle mir virun allem der Gemeng an de Gemenegenaarbechter ee RIESE Merci soen, fir déi exzellent Zesummenaarbecht op alle Fronten, mee natierlech och eise Veräiner an all anerem Acteur (aus dëser Gemeng oder vun ausserhalb), den eis ënnerstëtzt.

Zu gudder Läscht wëlle mir natierlech och Iech ee grouse Merci ausschwätzen, déi Dir ëmmer zu souvill un dësen Evenementer deelhuelt! Mir hunn nach vill flott Iddie fir d'Zukunft, also loosst Iech iwwerraschen!



Service relations publiques
Sport a Fräizäitkommissioun

FR

La Commission des Sports et des Loisirs s'est donné pour mission de promouvoir ces deux aspects essentiels dans la vie de notre commune. Elle se réunit régulièrement afin d'organiser, tant de grands que de plus petits projets en lien avec le sport et les activités récréatives. Tous les habitants sont concernés, quels que soient leur âge ou leur condition physique.

Sous mandat de la commune, la Commission organise chaque année deux rendez-vous majeurs : la Cérémonie des Mérites Sportifs et la Nuit du Sport.

La Cérémonie des Mérites Sportifs met à l'honneur les sportifs de notre commune ayant réalisé des performances remarquables au cours de la saison écoulée, que ce soit individuellement ou en équipe. Tous les âges y sont représentés, des plus jeunes aux plus expérimentés.

La Nuit du Sport, événement d'envergure nationale, a eu lieu cette année le 14 juin dans de nombreuses communes du pays. À Kärch, c'est le campus de l'école primaire, avec sa salle de sport, qui a accueilli l'événement. Pas moins de 14 associations y ont proposé gratuitement diverses activités sportives, dans une ambiance dynamique et conviviale. Une offre de restauration et de boissons était bien entendu assurée.

En dehors de ces rendez-vous annuels, la Commission a également mis en place d'autres événements au cours de l'année.

Le 8 février, la première édition d'un après-midi jeux a été organisée dans la salle des fêtes, dans le but d'élargir l'offre d'acti-

tés de loisirs. Plus de 75 personnes, venues de la commune mais aussi d'ailleurs, se sont retrouvées pour partager un moment chaleureux autour de jeux de société et de cartes. Ce fut une belle réussite intergénérationnelle, avec parfois jusqu'à trois générations réunies autour de la même table. Une deuxième édition est déjà programmée pour le 4 octobre.

Le 22 mars, à l'occasion de la première Cavalcade nocturne de Kärch, la Commission a collaboré avec le Stamminee Ronnen Dësch pour organiser une course pour enfants en prélude à l'événement. Grâce à la fermeture exceptionnelle de la rue principale, environ 100 enfants ont pu y participer dans un cadre sécurisé et festif.

La Commission souhaite remercier chaleureusement la commune et ses collaborateurs pour leur soutien sans faille, ainsi que toutes les associations et les partenaires, locaux ou extérieurs, qui ont contribué au succès de ces projets.

Enfin, un grand merci à toutes les personnes qui participent si activement aux événements proposés. D'autres belles idées sont déjà en préparation... à découvrir prochainement !



ENGLISH

KOMMISSIONEN

D'EMWËLTKOMMISSION

stellt sech vir

Président: Sowa Fränk

Secrétaire: Laurent Lucas

Memberen: Elsen Fränk

Kemp Eugène, Mangen Luc

Meyers Léon, Spallacci Gianluca

Thein Claude



LU

D'Kommissioun fir d'Ëmwelt aus der Gemeng Käerch, besteet aus 8 Leit déi sech gemeinsam als Zil gesat hunn d'Bedingunge fir Mënsch an Natur um Territoire vun der Gemeng Käerch ze verbesseren. Eis Themefelder betreffe Klima- an Naturschutz. Well eis Memberen an hirem professionellen an privaten Alldag mat dësen Themen ze dinn hunn, kënnen mir oft op dat néidegt Backgroundwëssen zeréckgräifen

Bis elo hu mir virun allem am Beräich Energie geschafft. E wichtegt Lenkungsmëttel vun der Gemeng, fir Energie a Ressourcen ze spueren ass d'Subsidreglement fir klimafreundlecht Bauen a Wunnen. An deem Kader hu mir de Responsabelen vun der Gemeng eng Lëscht mat de fir eis wichtege Punkten an Zilsetzungen eragereecht. Mir wënschen eis, dass d'Gemeng och nei innovativ a sénnvoll Techniken ënnerstëtzt, déi vläicht op deem méi trügen nationale Plang nach net ënnerstëtzt ginn, oder net selektiv genuch ënnerstëtzt ginn. Och d'Energieproduktioun ausserhalb vum Wunnberäich ass en Thema, wou mir op der Sich no bessere Léisunge sinn. Dobäi inspiréieren mir eis u Beispiller déi an anere Gemengen schonns ëmgesat gi sinn.

Nieft dësem Sujet hunn mir bei konkreten Projet'en gehollef. All Joer hëlleft d'Kommissioun bei der grousser Botz am Fréijoer. E feste Rendez-vous ass an der Tëschenzäit och d'Ofschloss-Schoulfest vun der Käercher Schoul ginn; do organiséieren a betreie mir Moies e Stand fir d'Schouklasse. Beim Télévie, dëst Joer, hunn d'Memberen vun der Kommissioun hire Beitrag gelescht an spontan en Don aus eegener Täsch vun 700 Euro gemaacht.

Fir d'Zukunft wollte mir och d'Biodiversitéit an de Fokus huelen. Wou kënne mir zesummen mat den Awunner a Betriber aus der Gemeng nees Plaz fir d'Natur schafen? Dat kann am Siidlungsberäich sinn (ëffentlech Plantatiounen, an den Hausgäert oder op den Diecher vun den Haiser), awer natierlech och an der Zone verte (Wiese, Felder an Bëscher).

Wann dir Froen hutt oder eppes wëllt mat eiser Kommissioun deelen, kennt dir eis ganz einfach iwwer E-Mail communication@koerich.lu erreechen oder mat ärer Fro oder Uleies ob d'Gemeng sechwer goen, déi eiser Kommissioun et da weider leet.



📷 Ëmweltkommissioun

✍️ Ëmweltkommissioun

FR

La Commission de l'Environnement de la commune de Koerich est composée de huit membres, unis par un objectif commun : améliorer les conditions de vie pour l'être humain et pour la nature sur le territoire communal.

Nos thèmes de travail touchent à la protection du climat et de la nature. Comme plusieurs membres de la commission sont confrontés à ces sujets dans leur vie professionnelle ou personnelle, nous pouvons souvent nous appuyer sur des connaissances solides.

Jusqu'à présent, nous avons surtout concentré nos efforts sur la question de l'énergie. L'un des leviers essentiels de la commune pour économiser l'énergie et les ressources est le règlement de subsides pour une construction et un habitat respectueux du climat. Dans ce cadre, nous avons transmis aux responsables communaux une liste de recommandations et d'objectifs qui nous semblent essentiels. Nous espérons également que la commune soutiendra à l'avenir des techniques nouvelles, innovantes et utiles, même si elles ne sont pas encore prises en charge au niveau national, ou de manière trop sélective.

La production d'énergie hors zone résidentielle fait aussi partie de nos préoccupations, et nous cherchons des solutions plus adaptées, en nous inspirant des exemples mis en œuvre dans d'autres communes.

Outre ces réflexions stratégiques, nous participons aussi à des projets concrets. Chaque année, la Commission prend part au grand nettoyage de printemps.

Nous sommes également présents, désormais de façon régu-

lière, à la fête de fin d'année scolaire de l'école de Koerich, où nous organisons un stand d'activités pour les élèves le matin. Dans le cadre du Télévie cette année, les membres de la Commission ont contribué par un don spontané de 700 euros, pris sur leurs propres fonds.

Pour l'avenir, nous souhaitons mettre davantage l'accent sur la biodiversité. Comment, ensemble avec les habitants et les entreprises de la commune, pourrions-nous recréer des espaces pour la nature ? Cela peut concerner les zones résidentielles (plantations publiques, jardins privés, toitures végétalisées), mais aussi les espaces verts comme les prairies, les champs et les forêts.

Si vous avez des questions ou si vous souhaitez partager quelque chose avec la Commission, vous pouvez nous écrire à communication@koerich.lu, ou vous adresser directement à la commune, qui transmettra votre demande.



ENGLISH

500 Joer Coryciana



DE JANUS CORYCIUS, ënner dem Rodrigo Borgia, dem Poopst Alexander VI

LU

De Rodrigo Borgia war eng vun de markantste Figuren aus der Renaissance. Hie koum aus der mächtger Famill vun de Borgias, déi fir hir Muechtpolitik, hiren Nepotismus an d'Notzung vun der kathoulescher Kierch als politescht Instrument bekannt war. Seng Pontifikatszäit (1492–1503) war geprägt vu grousser Verännerungen.

Dank sengem Monni, dem Poopst Kallixthus III., ass de Rodrigo fréi an héich kierchlech Ämter komm, dorënner als Kardinol an als Vizekanzler vun der Kierch.

Seng Wiel als Poopst Alexander VI. war vu Beschëllegungen iwwer Korruptioun begleet. Seng Herrschaft huet virun allem der dynastescher Muecht vun de Borgias gedéngt, besonnesch senger Kanner Cesare a Lucrezia. De Cesare, deen als Virbild fir dem Machiavelli säin «Il Principe» gegollet huet, huet ouni Skrupel seng Herrschaft ausgebaut. D'Lucrezia, déi aus politesche Grënn méi Mol bestuet gouf, huet d'vaterlesch Geschäfte munchmol selwer geleet. Bis haut bleift si als femme fatale eng inspiréierend Figur fir Konscht a Literatur.

Den Alexander VI. war charismatesch, mee moralesch ëmstridden. Den Erasmus huet hien als Mäzen vun der Konscht gelueft, während aner Zäitgenossen hie fir seng Intrige verurteilt hunn. Den 11. August 1503 war den Alexander VI. op engem Fest

am Haus vum Kardinol Adriano. Hien huet Wäin aus de Vatikanesche Kellere matbruecht—gëftege Wäin. Den Dag drop ass hie schwéier krank ginn an den 18. August 1503 gestuerwen. De venezianesche Gesandten Giustiniani huet vun enger méiglecher Vergëftung geschriwwen.

1497 gëtt de Janus Corycius als Notaire vun der Rota, dem héchste Geriichtshaff vum Poopst, ernimmt. Als Humanist, Poet a juristesche Beroder huet hien eng wichteg Roll an der Kurie gespillt a war an d'Muechtpolitik vum Poopst agebonnen. Zu där Zäit war de Corycius schonn e bedeitende Mäzen vun der Renaissancekultur zu Roum. Hien hat enke Kontakt mat Kënschtler an Intellektuellen a gouf eng Schlëselfigur vun der humanistescher Beweegung.

Och wann et keng direkt Iwwerliwwerung vu senger Bezéiung mam Alexander VI. gëtt, war de Corycius als Poopstlechen Notaire reegelméisseg a Kontakt mat him a senger Administratioun. Ënner dem Alexander VI. huet hie säi Ruff als humanistesche Mäzen opgebaut a seng diplomatesch Geschécklecheit an enger politesch onroueger Zäit bewisen.



JANUS CORYCIUS,

*sous Rodrigo Borgia,
Pape Alexandre VI*

FR

Rodrigo Borgia fut l'une des figures les plus flamboyantes de la Renaissance. Il appartenait à la puissante famille des Borgia, connue pour sa politique de pouvoir, son népotisme et son utilisation de l'Église catholique comme instrument d'expansion politique. Son pontificat (1492–1503) fut marqué par de grands bouleversements.

Grâce à son oncle, le pape Calixte III, Rodrigo accéda rapidement à de hautes fonctions ecclésiastiques, notamment celles de cardinal et vice-chancelier de l'Église.

Son élection en tant que pape Alexandre VI fut accompagnée d'accusations de corruption. Son règne servit les ambitions dynastiques des Borgia, en particulier celles de ses enfants, Cesare et Lucrezia. Cesare, considéré comme une source d'inspiration pour «Il Principe» de Machiavel, poursuivit le pouvoir sans scrupules. Lucrezia, mariée plusieurs fois pour des raisons politiques, administra temporairement les affaires du Vatican. Son image de femme fatale continue d'inspirer l'art et la littérature aujourd'hui.

Alexandre VI était charismatique mais moralement controversé. Érasme le loua comme un mécène des arts, tandis que d'autres le condamnèrent pour ses intrigues.

Le 11 août 1503, Alexandre VI assista à un banquet dans la villa du cardinal Adriano. Il apporta du vin provenant des caves du Vatican—empoisonné. Le lendemain, il tomba gravement malade et mourut le 18 août 1503. L'envoyé vénitien Giustiniani évoqua une possible intoxication.

En 1497, Janus Corycius fut mentionné comme notaire de la Rote, la plus haute cour pontificale. En tant qu'humaniste, poète et conseiller juridique, il joua un rôle important dans la Curie et fut impliqué dans la politique de pouvoir du pape.

À cette époque, Corycius était déjà un mécène influent de la culture renaissance à Rome. Il entretenait des relations étroites avec des artistes et des intellectuels, s'imposant comme une figure clé du mouvement humaniste.

Bien qu'aucun lien direct avec Alexandre VI ne soit attesté, Corycius, en tant que notaire pontifical, était en contact régulier avec le pape et son administration. Sous Alexandre VI, il posa les bases de sa renommée ultérieure en tant que mécène humaniste et fit preuve d'une grande habileté diplomatique dans une époque politiquement troublée.

JANUS CORYCIUS, unter Rodrigo Borgia, Papst Alexander VI.

DE

Rodrigo Borgia war eine der schillerndsten Figuren der Renaissance. Er entstammte der einflussreichen Familie der Borgias, die für Machtpolitik, Nepotismus und ihre Nutzung der katholischen Kirche zur politischen Expansion bekannt war. Sein Pontifikat (1492–1503) war von großen Umwälzungen geprägt. Durch seinen Onkel, Papst Kalixt III., gelangte Rodrigo früh in hohe kirchliche Ämter wie Kardinal und Vizekanzler.

Seine Wahl als Papst Alexanders VI. war von Bestechungsvorwürfen begleitet. Alexanders Amtszeit diente der dynastischen Macht der Borgias, insbesondere seinen Kindern Cesare und Lucrezia. Cesare, Vorbild für Machiavellis «Il Principe», strebte skrupellos nach Herrschaft. Lucrezia, mehrfach verheiratet aus politischem Kalkül, führte zeitweise die vatikanischen Geschäfte. Ihr Bild als Femme fatale inspiriert bis heute Kunst und Literatur.

Alexander VI. war charismatisch, aber moralisch umstritten. Erasmus lobte ihn als Kunstförderer, während andere ihn für seine Intrigen verurteilten.

Am 11. August 1503 besuchte Alexander VI. ein Gastmahl in der Villa des Kardinals Adriano. Er brachte Wein aus den Vatikanischen Kellern mit – vergifteten. Am folgenden Tag erkrankte er schwer und verstarb am 18. August 1503. Der venezianische Gesandte Giustiniani berichtete von einer Vergiftung.

1497 wird Janus Corycius als Notar der Rota, dem höchsten päpstlichen Gerichtshof, erwähnt. Als Humanist, Dichter und juristischer Berater spielte er eine bedeutende Rolle in der Kurie und war in die Machtpolitik des Papstes eingebunden.

Corycius war da bereits ein einflussreicher Förderer der Renaissancekultur Roms. Er unterhielt enge Kontakte zu Künstlern und Intellektuellen und etablierte sich als wichtiger Akteur der humanistischen Bewegung.

Obwohl keine direkte Verbindung überliefert ist, stand Corycius als päpstlicher Notar regelmäßig in Kontakt mit dem Papst und dessen Verwaltung. Unter Alexander VI. legte er den Grundstein für sein späteres Renommee als humanistischer Mäzen und bewies diplomatisches Geschick in einer politisch turbulenten Zeit.



500
Joer
Coryciana

JANUS CORYCIUS, under Rodrigo Borgia, Pope Alexander VI

EN

Rodrigo Borgia was one of the most flamboyant figures of the Renaissance. He belonged to the powerful Borgia family, known for its power politics, nepotism, and its use of the Catholic Church as a tool for political expansion. His pontificate (1492–1503) was marked by great upheavals.

Thanks to his uncle, Pope Callixtus III, Rodrigo quickly rose to high ecclesiastical positions, including Cardinal and Vice-Chancellor of the Church.

His election as Pope Alexander VI was accompanied by accusations of bribery. His reign served the dynastic ambitions of the Borgias, particularly his children, Cesare and Lucrezia. Cesare, considered an inspiration for Machiavelli's «Il Principe», pursued power ruthlessly. Lucrezia, married multiple times for political reasons, temporarily managed Vatican affairs. Her image as a femme fatale continues to inspire art and literature today. Alexander VI was charismatic but morally controversial. Erasmus praised him as a patron of the arts, while others condemned him for his intrigues.

On August 11, 1503, Alexander VI attended a banquet at the villa of Cardinal Adriano. He brought wine from the Vatican cellars—poisoned. The next day, he fell seriously ill and died on August 18, 1503. The Venetian envoy Giustiniani reported a possible poisoning.

In 1497, Janus Corycius was mentioned as a notary of the Rota, the highest papal court. As a humanist, poet, and legal advisor, he played a significant role in the Curia and was involved in the Pope's power politics.

By this time, Corycius was already an influential patron of Rome's Renaissance culture. He maintained close contacts with artists and intellectuals, establishing himself as a key figure in the humanist movement.

Although no direct connection with Alexander VI is recorded, Corycius, as a papal notary, was in regular contact with the Pope and his administration. Under Alexander VI, he laid the foundation for his later renown as a humanist patron and demonstrated diplomatic skill in a politically turbulent era.



JUGENDHAUS KÄERCH

PERIOD Abrëll - Juni



Am Jugendhaus Käerch war och déi lëscht Méint erëm vill lass – mat spannenden Aktivitéiten, kreativen Atelierien, enger staarker Zesummenaarbecht mat de verschiddene lokale Strukturen an natierlech mat engem grouse Portioun Engagement vun eise Jonken.

E vu ville Highlights war sécherlech am Abrëll den organiséierte Billard-Tournoi am Jugendhaus, deen net nëmmen d’Konzentratioun a Fairplay gefërdert huet, mee och vill Interessi bei de Jonken ausgeléist huet a fir eng flott Stëmmung gesuergt huet.

Zousätzlech hu mir den Daach selwer d’Kanner aus der Maison Relais Käerch ënnerstëtzt a motivéiert, wéi si un engem Fussballturnéier mat anere Maison Relais deelgeholl hunn – mir waren natierlech mat vill Freed um Terrain derbäi fir unzeféieren.

Dës Zesummenaarbecht mat der Maison Relais Käerch geet wäit iwwer déi reegelméisseg Transitionsaktivitéiten an Donneschdeg eraus. Beispillsweis hu mir zesummen eng Visitt am Musée Mudam organiséiert, fir d’Zesummeliewen ausserhalb vu strukturéierte Raim ze stäerken an nei kulturell Impulser ze ginn.

Een Highlight, dat de Gruppengescht vum Jugendhaus an der Maison Relais nach eng kéier richtig ervirgehuewen huet, war den Télévie-Event am Abrëll. Strukturen hunn sech zesummedoen, fir fir e gudden Zweck verschidde Saachen ze verkafen - vu Panecher a Popcorn bis hin zu Hot Dogs a Eisekuche oder Zockerwatt. Dës Aktioun huet gewisen, wéi Jonker sech mat engem gemeinsame sozialen Ziel identifizéieren a sech fir d’Allgemengwuel asetze kënnen.

D’Zesummenaarbecht mat der Jugendkommissioun war och dobäi besonnesch wichteg, déi den z.B. de Car Wash organiséiert hunn, wou Jonker Verantwortung iwwerholl hunn, zesumme geschafft hunn a sech engagéiert hunn – e staarkt Zeeche fir Participatioun a Gemeinschaft.





Am Mee hu mir eng flott Kooperatioun mat de Kommissiounen Drëtten Alter a Zesummeliewe gehat: Um Nuetsmaart hu mir zesummen eise Stand bedriwwen a fir séiss Genossmomenter gesuergt.

E weidere wichtege Moment war eis traditionell Porte-Ouverte, wou mir de Bewunner»innen vun der Gemeng e Bléck an eis Aarbecht mat de Jonke ginn hunn.

An zousätzlech hunn mir zwee néi Co-Piloten déi d'formatioun vum Animateur A gemaach hunn an sech aktiv un der Matgestaltung vun Aktivitéiten organiséierten an mir sinn ziemlich houfreg dem Minela Hodzic an dem Tom vir hieren Engagement an hier flott Aktivitéiten.

Am Juni hu mir eis fir d'Virbereedunge vum Beautiful Decay Festival agesat, andeem mir zesumme mat Jonken d'Mauere besprayed hunn – eng kreativ Aktioun, déi Ausdrucksfräiheet an ästhetesch Kompetenze gefërdert huet.

Zesumme mat der Sportskommissioun an aner lokalen Acteuren hu mir och um Event «Nuit du sport» deelgeholl. Mir hu Smoothies verkaft a Jonken en Escape the Ring organiséiert – eng Aktioun, déi Sport a Kooperatioun op eng spilleresch Aart a Weis verbonnen huet.

Och beim Virowend vum Nationalfeierdag hu mir eis agesat – dëst kéier um grill. Esou praktesch Aufgaben erlaben de Jonken, sech a Verantwortungssituatiounen eranzefannen a Gemeinschaftsgefill z'entwéckelen.

Nieft dësen externen Aktiounen war och vill lass am oppenen Treff, wou Jonker selwer matbestëmmen a matgestalten. Am Abrëll hu mir eise kulinarische Rees-Atelier organiséiert, fir Syrien kennen ze léiere mat eisem Stagiaire vun enger Woch, e Filmprojet, souwéi vill sportlech a spilleresch Aktivitéiten wéi Escape-Room, Laser Game, Air Tramp, Kachatelieren an Outdoor-spiller. Dës Aktivitéiten stäerken d'Autonomie, d'Kreativitéit an d'sozial Kompetenze vun de Jonken.

Contact

Pinto Caty

621 823 171

caty.pinto@croix-rouge.lu

Anna Mohr

621 822 744

anna.mohr@croix-rouge.lu

Adresse

7, rue de l'École L-8358 Goebblange

Öffnungszeiten

Méindes	Zou
Dënschden	14 bis 19 Auer
Mëttwoch	15 bis 20 Auer
Donneschden	14 bis 19 Auer
Freiden	16 bis 22 Auer
Samschden	14 bis 18 Auer
Sonnden	Zou

Öffnungszeiten kënnen variéieren jee no Aktivitéit an bei Ufro kënnen och Eenzelgesprécher virun oder no den Öffnungszeiten ugefrot ginn.

ENTDECK DE WESTEN

AVENTUREN, GESCHICHTEN A SPAASS FIR D'FAMILLEN ZU FOUSS A MAM VËLO!



Hues du dir schonn ëmmer eng faszinéierend Entdeckungstour duerch d'Natur a Geschicht vun eiser wonnerschéiner Regioun gewënscht? Dann ass de Projet „**Entdeck de Westen**“ genau dat Richtegt fir dech an d'Welt vum Entdecken an Aventuren z'entféieren! Wéi de Numm et scho verréit, ass dëst eng Initiativ fir all Famill, déi mat klengen oder groussen Entdecker zu Fouss oder mam Vëlo spannende Plazen an den LEADER Regiounen Zentrum Westen (fréier Lëtzebuerg West) a Mëllerdall z'erkënnegen.

An dësem Projet, deem am Kader vum LEADER Programm realiséiert gouf, kritt dir net just déi gewéinlech Touren, mee eng interaktiv a wonnschén Rees ugebueden! An der LEADER Regioun Zentrum Westen kritt ee 7 fantastesch Touren ze entdecken, während et an der LEADER Regioun Mëllerdall insgesamt 13 weider super flott Tier ginn – all eenzegaarteg a mat enger gutt Mëschung aus Geschicht, Natur a spannende Geschichten!

Entdecker ginn zesumme mam Mia & Emil

Dir fänkt un déi faszinéierend Welt vum Mia an Emil ze begéinen – zwee Kanner, déi eng Aventure nom aneren erlieft hunn. Awer wat d'Saach esou richtig spannend mëscht, ass d'Aart a Weis, wéi Dir un dës Geschichten deelhueft: D'App **Actionbound** begleet Iech bei verschiddenen Tier. Ënnerwee erwaart Iech op all Statioun eng nei Fro, Aktivitéit a mysteriéis Aufgab, déi Iech d'Geheimnis vun der Natur an der Geschicht méi no bréngen.

Ob beim **Ris vu Koler**, dem granzege **Viraarbechter Pir zu Stengefort** oder awer de **verzauberten Däiwelche vum Juckelsbësch zu Mamer** gëllt et, clever ze sinn, fir déi Rätsel ze knacken!

Elo ass et un der Zäit, ee spannende Summer mat Familljespaass ze plangen!

Zesumme mat den ORTen Guttland & Mëllerdall an dem *Luxembourg for Tourism* gouf intensiv doru geschafft, fir Iech dës wonnerbar Erfahrung ze erméiglechen! D'Geschichte vum Mia & Emil an hir Entdeckungstoure sinn alleguer fräi um Internet zougänglech! An dëst op lëtzebuergesch, däitsch, franséisch, englesch & hollännesch. Einfach de QR-Code scannen oder direkt um Site (www.visitguttland.lu & www.visitluxembourg.lu) eroflueden an da fänkt d'Rees mat der enger oder aner neier Entdeckung och schonn un.



D'LEADER Zentrum Westen Team

DÉCOUVREZ L'OUEST DU PAYS

AVENTURES, HISTOIRES & PLEIN DE PLAISIR POUR LES FAMILLES À PIED ET VÉLO !



Avez-vous toujours rêvé d'une fascinante excursion à travers la nature et l'histoire de notre magnifique région? Alors le projet « **Découvrez l'Ouest** » est exactement ce qu'il vous faut pour plonger dans un monde d'aventures et de découvertes ! Comme son nom l'indique, cette initiative s'adresse à toutes les familles, avec de petits ou grands explorateurs, pour découvrir à pied ou à vélo des endroits passionnants dans les régions *LEADER Zentrum Westen* (anciennement Lëtzebuerg West) et Mullerthal.

Dans le cadre de ce projet réalisé dans le cadre du programme LEADER, vous ne bénéficierez pas seulement de parcours habituels, mais d'un voyage interactif et merveilleux ! Dans la région *LEADER Zentrum Westen*, vous pourrez explorer **7 fantastiques parcours**, tandis que dans la région *LEADER Mullerthal*, **13 autres magnifiques circuits** vous attendent – chacun unique, offrant un mélange parfait d'histoire, de nature et d'histoires captivantes !

Devenez explorateurs · trices avec Mia et Emil

Partez à la rencontre du monde fascinant de **Mia et Emil** – deux enfants qui ont vécu une aventure après l'autre. Mais ce qui rend l'expérience encore plus excitante, c'est la manière dont vous participez à ces histoires : l'application **Actionbound** vous accompagne tout au long des circuits. À chaque étape, une nouvelle question, activité ou énigme mystérieuse vous attend, vous rapprochant ainsi des secrets de la nature et de l'histoire.

Que ce soit le **géant de Kahler**, le grincheux **ouvrier Pir à Steinfert**, ou encore le **petit diable enchanté de la forêt du Juckelsbësch à Mamer**, il vous faudra être astucieux pour résoudre toutes ces énigmes !

Il est temps de planifier un été passionnant et plein de plaisir en famille !

En collaboration avec les **offices régionaux Guttland & Mullerthal** et **Luxembourg for Tourism**, un travail intensif a été réalisé pour vous offrir cette expérience inoubliable ! Les histoires de **Mia et Emil** ainsi que leurs circuits de découverte sont entièrement disponibles gratuitement en ligne – en luxembourgeois, allemand, français, anglais et néerlandais. Il vous suffit de scanner le **QR-Code** ou de télécharger directement sur les sites www.visitguttland.lu et www.visitluxembourg.lu pour débiter votre voyage riche en nouvelles découvertes.



BROCHURE



Download



TIPPS A FLOTT PLAZE FIR E SUMMER OUNI BILDSCHIERM

CONSEILS ET LIEUX SYMPAS POUR UN ÉTÉ SANS ÉCRAN

TIPS AND COOL PLACES FOR A SCREEN-FREE SUMMER

Kannerde
liichten
Offline
méis hell





Strom teilen: So nutze ich optimal meine erneuerbare Stromproduktion

Erneuerbare Energien sind eine nachhaltige Lösung für unsere Stromversorgung. Doch nicht jeder kann eine eigene Photovoltaikanlage installieren. Hier bietet das Teilen vom Strom eine interessante Möglichkeit: Sie ermöglichen es Bürgern, einzeln oder gemeinsam erzeugten Strom effizient zu nutzen und so ihre Kosten zu senken.

In diesem Zusammenhang gibt es 3 Modelle für den Verbrauch des erzeugten Stroms:

1. **Individueller Eigenverbrauch:** Der von der Solaranlage erzeugte Strom wird selbst genutzt. Überschüsse werden ins Netz eingespeist, wobei der Schwerpunkt auf der Maximierung des Eigenverbrauchs liegt.
2. **Kollektiver Eigenverbrauch:** Mehrere Abnehmer in direkter Nähe teilen den erzeugten Strom. Dies kann zum Beispiel bei Mehrfamilienhäusern interessant sein, da es die Nutzung des Solarstroms erhöht.
3. **Energiegemeinschaften:** Energiegemeinschaften gehen über den kollektiven Eigenverbrauch hinaus. Sie ermöglichen es, lokal oder regional erzeugten Strom mit anderen Verbrauchern zu teilen.

Was ist eine Energiegemeinschaft?

Energiegemeinschaften sind Zusammenschlüsse von Personen, die gemeinsam Strom produzieren, nutzen und untereinander handeln. Erzeuger, die in Photovoltaik-Anlagen investieren, können so überschüssigen Strom an andere Mitglieder der Gemeinschaft verkaufen oder sich mit anderen Erzeugern zusammenschließen, um eine bessere Nutzung des Solarstroms und eine erhöhte Rentabilität der Anlage zu erreichen.

Für die Gründung einer Energiegemeinschaft sind nur wenige Schritte nötig: Die Mitglieder schließen sich in einer Gesellschaft zusammen, regeln die finanziellen Rahmenbedingungen und schließen ein Abkommen mit dem Netzbetreiber.

Technische Änderungen an den Anlagen müssen nicht vorgenommen werden. Zwei Varianten von Energiegemeinschaften stehen zur Auswahl:

- **Lokale Energiegemeinschaft:** Strom wird zwischen Teilnehmern ausgetauscht, die maximal 300 Meter voneinander entfernt sind. Die Netznutzungsgebühren (Netztarif) entfallen.
- **Nationale Energiegemeinschaft:** Mitglieder können unabhängig vom Standort teilnehmen, allerdings fallen für den Verbrauch die üblichen Netztarife an.

Mehr Informationen unter klima-agence.lu/de/energiegemeinschaft oder wenden Sie sich an Ihren Klima-Agence-Berater, um Ihr Projekt zur Erzeugung erneuerbarer Energie erfolgreich umzusetzen.

cityapp



*Lued d'cityapp Käerch gratis erof
a bleift ëmmer um Lafenden
iwwer d'Aktualitéiten an Evenementer
an Ärer Gemeng.*

News

*Behaalt d'Aktualitéiten
vun Ärer Gemeng am An.*

E-Reider

Fannt d'Publicationen vun Ärer Gemeng.

Report-it

*E Problem an Ärer Gemeng?
Mellt et de Gemengeresponsabelen.*

Annuaire

Fannt d'Kontaktdaten vun Ärer Gemeng.

Agenda

Verpasst keen Evenement méi.

Déchets

*Vergiesst ni méi d'Dreckschést
erausstellen.*

Sondages

*Sot Är Meenung zu verschiddenen
Themen déi Iech interesséieren.*

Mes notifications

*Kritt all déi wichteg Informatiounen
direkt op Äre Smartphone.*



Dir hut eis App nach net installeiert?

*Dat kennt dir nach emmer no huelen an deems dir se iwwert den
App Store oder Play Store eroflued fir emmer um neiesten Stand
ze bleiwen.*

Giewel - 7 Rue de l'Ecole
Samschdes - 14h35 - 15h35



BICHERBUS 2025

20. September / 11. Oktober
22. November / 13. Dezember



*Eng Organisatioun vun der Nationalbibliothék
wou Dir gratis Bicher geléint kritt.*

NUMÉROS & INFORMATIONS UTILES

SICA RECYCLING-PARK

28, Zone Industrielle
L-8287 Kehlen
☎ 30 78 38-1 (! enlèvement déchets encom.
3 jrs en avance)
info@sica.lu
Heures d'ouverture
Du lundi au vendredi
08:00 - 12:00 et 13:00 - 18:00
Samedi: 8:00 - 15:30

OFFICE SOCIAL REGIONAL

11, rue de Kleinbettingen
L-8436 Steinfort
☎ 28 22 75 - 1
social@osrsteinfort.lu

SERVICE D'INCENDIE

C.G.D.I.S - Corps Grand-Ducal
Incendie & Secours
En cas d'urgence: 112
☎ 4977- 11
info@112.public.lu

SAPEURS POMPIERS KOERICH

info@ciskoerich.lu
Chef du corps: Pit MECKEL
pit.meckel@ciskoerich.lu

SYNDICAT DE CHASSE

Juegdouse/Lot de chasse: 401; 402; 429
Catherine Cloos
☎ 691 344 544
weydert.cloos@gmail.com

Juegdouse/Lot de chasse: 403; 430; 431
Léon Mathieu
hathile@pt.lu

PAR ÄISCHDALL

Presbytère
4, route de Luxembourg
L-8440 Steinfort
☎ /répondeur: 39 00 58
www.aischdall.cathol.lu
aischdall@cathol.lu
Couvent Clairefontaine
☎ +32 63 24 01 99
Pater TURMES Nico (curé modérateur)
☎ +32 63 24 01 99

HOPITAL INTERCOMMUNAL STEINFORT

☎ 399 491-1

REPAS SUR ROUES

☎ 399 491-1
repas-sur-roues@his.lu

SECHER DOHEEM

Service Téléalarme
☎ 26 32 66
secherdoheem@shd.lu

PHARMACIES

Capellen
Heures d'ouverture
Du lundi au vendredi
8:30-18:30

Kehlen
Heures d'ouverture
Du lundi au vendredi
8:30-12:15 & 13:45-18:00
Samedi: 8:30-12:00

Steinfort
Heures d'ouverture
Du lundi au vendredi
8:00-12:00 & 13:30-18:30

BUREAUX DE POSTE

☎ 8002-8004

Steinfort
Heures d'ouverture
Du lundi au vendredi
8:00-12:00 & 13:30-17:00
☎ 399 211 21

Capellen
Heures d'ouverture
Du lundi au vendredi
8:00-18:00
☎ 30 00 57 21

CREOS

Dépannage & Urgence
24h/24-7j/7
Electricité: ☎ 8002-9900
Gaz naturel: ☎ 8007-3001
Infoline 07h00-17h00
☎ 2624-2624
info@creos.net

POLICE LËTZEBUERG

En cas d'urgence: 113
Commissariat Capellen / Steinfort
21A, rte d'Arlon
L-8310 Capellen
Tél. : 244 30 1000
police.capellensteinfort@police.etat.lu

CID & PASSEPORT - RENOUELEMENT

Carte d'identité
>= 15 ans: 14€
>= 4 < 15 ans: 10€
>= 2 < 4 ans: 5€
Bénéficiaire: TS-CE CTIE
LU44 1111 7028 7715 0000 (CCPL)

Passeport
>= 4 ans: 50€ / < 4 ans: 30€
Bénéficiaire: Bureau des Passeports
LU46 1111 1298 0014 0000 (CCPL)

PROXIBUS

Du lundi au vendredi
7:00 - 19:00
Samedi: 9:00 - 19:00

Réservation
☎ 8002 72 00 (nr gratuit)

NIGHTRIDER

Le vendredi et le samedi:
18:00 - 05:00
Réservation jusqu'à 60 minutes avant
l'heure de départ avec une Night Card
valable, une carte de crédit ou Digicash
sur www.nightrider.lu
Renseignements
help@nightrider.lu
☎ 900 71 010

IMPRESSUM

Editeur
Schäfferot

Design
Service Relations Publiques

Drock
Imprimerie Heintz



AGENDA AUGUST-DEZEMBER 2025



WÉINI	WAT	WOU	ORGANISATIOUN
02.8	Summerfeeling	Gemengeplaz	Gemeng Käerch
06.8	Trëppeltour	Ettelbréck Expo LUGA	Senioren Treff
04-09.8	Camp pour jeunes	Giewel	D'Georges Kayser Altertumsfuerscher
27.8	Sunset Yoga am Gréiweschlass	Käercher Gréiweschlass	Office Régional du Tourisme - Visit Guttland
03.9	Grillfest	Festsall Käerch	Senioren Treff
07.9	Concert Musique Militaire	Käercher Gréiweschlass	Käercher Schlassfrënn
14.9	Meet & Greet	Gemengeparking	Kommissioun vum Zesummeliwwen
17.9	Bingo	Festsall Käerch	Senioren Treff
20-21.9	Tempus Mediaevale	Käercher Gréiweschlass	Käercher Schlassfrënn
20.9	Turnéier mat de Veräiner	Giewel	Senioren Treff Boulerten
27.9	Workshop Égalité femmes-hommes dans le sport	Käercher Gemengenhaus	Gemeng Stengefort & Gemeng Käerch
28.9	Réimerdag	Giewel	D'Georges Kayser Altertumsfuerscher
01.10	Treff	Festsall Käerch	Senioren Treff
04.10	Spillnomëtten	Festsall Käerch	Sport- a Fräizäitkommissioun
10-14.10	Kiermes	Gemengeparking	Gemeng Käerch
11.10	Hämmelsmarsch	Käerch, Giewel, Wandhaff	Käercher Musek
12.10	Nationalen Gedenkdag	Käerch	Gemeng Käerch
15.10	Treff	Festsall Käerch	Senioren Treff
18.10	Ausfluch	Belsch Ardennen	Quo vadis
24.10	Hexen & Legenden	Käercher Gréiweschlass	Käercher Schlassfrënn Chancegläichheetskommissioun Stengefort
29.10	Treff	Festsall Käerch	Senioren Treff
31.10	Théâtre	Festsall Käerch	Käercher Musek
02.11	Théâtre	Festsall Käerch	Käercher Musek
07.11	Théâtre	Festsall Käerch	Käercher Musek
08.11	Théâtre	Festsall Käerch	Käercher Musek
12.11	Hierkeniessen	Festsall Käerch	Senioren Treff
15.11	Dag vum Bam	Pompjeeësbau	Gemeng Käerch
15.11	Raclettowend	Festsall Käerch	FC Käerch
26.11	Treff	Festsall Käerch	Senioren Treff
28-30.11	Niklosmaart	Käercher Gréiweschlass	Gemeng Käerch
29.11	Hämmelsmarsch	Gëtzen	Käercher Musek
10.12	Chrëschtfeier	Festsall Käerch	Senioren Treff
13.12	Seniorefeier	Van der Valk Hotel Luxembourg-Arlon	Kommissioun vum drëtten Alter

Déi genee Auerzäiten zu den eenzelnen Evenementer ginn zu engem spéideren Zäitpunkt verëffentlecht.